N°3327
Entrée le 10.12.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 11.12.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/12/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Finanzen & Justiz weiderzeleeden.**

Rezent international Medieberichter, dorënner en Artikel vu "Politico", hunn op e Webinar higewisen, dee vun der "Belgian-Luxembourg Chamber of Commerce in Russia and Belarus" (CCBLR) organiséiert gëtt. An dësem Webinar sollen Entreprisen iwwer "alternativ Bezuelkanäl" an "digital Transaktiounen" berode ginn, explizit mam Zil, Restriktiounen ze ëmgoen, déi duerch den Ausschloss vu russesche Banken aus dem SWIFT-System entstane sinn. De Berichter no gëtt an der Invitatioun op "komplex Ëmweeër" higewisen, dorënner Intermediairen a Krypto-Wärungen.

Laut dem Lëtzebuerger Handelsregëster (LBR) ass ënnert der Nummer F12665 eng "Association sans but lucratif" (ASBL) mam Numm "CCBLR.COM" registréiert, mat Sëtz op der Adress 152, Boulevard de la Petrusse, L-2330 Lëtzebuerg. Dës Vereenegung ass am LBR aktuell mat dem Statut "en procédure de dissolution administrative sans liquidation" vermierkt. Am Hibléck op déi strikt Ëmsetzung vun den EU-Sanktioune géint Russland stellt sech d'Fro no der Roll vun dëser Lëtzebuerger Struktur bei méigleche Contournemente vun de Sanktiounen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ass d'Regierung iwwert d'Existenz vun dësem Webinar an den Aktivitéite vun der CCBLR informéiert?
2. Kann d'Regierung bestätegen, ob et eng direkt Verbindung tëscht den Organisateure vum genannte Webinar an der zu Lëtzebuerg registréierter ASBL "CCBLR.COM" gëtt?
3. Wéi ass et mat der geltender Gesetzgebung ze vereinbaren, datt eng ASBL, déi laut LBR "en

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

procédure de dissolution administrative sans liquidation" ass, weiderhin aktiv ka sinn an Evenementer organiséieren?

4. Huet dës ASBL an der Vergaangenheet oder aktuell staatlech Subsiden, finanziell Hëllefen oder logistesch Ënnerstëtzung vum Lëtzebuerger Staat kritt?

5. Wéi bewäert d'Regierung juristesch d'Ubidden vu Berodungsservicer, déi explizit Léisunge fir d'Ëmgoe vu Finanzsanktiounen (wéi SWIFT-Spären) thematiséieren, an huet d'Cellule de renseignement financier (CRF) oder eng aner zoustänneg Autoritéit an dësem spezifesche Fall Ermëttlungen ageleet?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten